

nen an deene leschte Méint gesinn. Dat sinn a sech déi Zort vu Biller, déi ee laang behält, déi engem laang noginn an déi och zu engem Deel an d'Mémoire collective vum Weltgeschéien a sech wäerten agoen; et ass onverständlech an et ass inakzeptabel.

Déi Motioun, déi mer haut virleien hunn, gött a sech gutt dat zrëck, wat mer a sech wollte soen. Op där enger Säit eng Condamnatioun vun deem, wat an de Prisonge vun Abou Ghraib geschitt ass, an op där anerer Säit och eng Condamnatioun vun all deenen Entféierungen oder deenen Assassinator vun deenen Entféierten, déi een och konnt gesinn. Se ënnerstëtzt d'Europäesch Unioun dofir ze suergen, datt déi Responsabel vun deenen Akten, wat och ëmmer den Niveau ass, net onbestrooft dovun kommen. Datt all déi Resultater vun den Enquêtes, déi elo amgaange sinn an deenen eenzelne Länner ze lafen, och sollen öffentlech gemaach ginn. Och ze schaffen, fir datt d'Nations Unies, d'Croix-Rouge an déi ONGen an Zukunft illimitéierten Accès zu deene Prisongen hu fir kënnen ze kontrolléieren, wat do geschitt.

Se rappeléiert och nach eng Kéier, datt mer der Meenung sinn, datt déi Transitionsregierung soll kënnen am Irak kommen, datt och duerno solle fräi Wahlen am Irak kënnen virbereet ginn an datt mer och der Meenung sinn, datt eng vergréissert Roll vun der UN an Zukunft soll an dem Irak sinn. Ech mengen dat résuméiert dat Gutt, wat mer alleguerte wollte soen, dofir hu mer déi Motioun och ënnerschriwwen an dofir ënnerstëtze mer se selbstverständlech och.

Merci.

■ **Une voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet nach den Här Alex Bodry.

■ **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vu datt alles gesot ginn ass, brauch ech net méi ganz wäit auszuhelen. Ech mengen d'Haltung vu menger Partei zum Irak ass u sech bekannt an déi huet och zënter dem Ufank net changéiert. Mir ware géint deen dote Krich a mir hunn opgrond vun där Entwécklung vun deene leschte Méint Recht kritt. Wou sech net nëmmen erausgestallt huet, dass déi Begrënnung, déi an d'Welt gesat ginn ass, fir dee Krich iwwerhaupt kënnen duerchzuféieren, sech eigentlech jeeglecher Basis entbehrt, mä awer och dass ee festgestallt huet, dass Leit, déi ausgezu sinn an deen dote Krich fir d'irakesch Leit ze befreien, fir d'Mënscherechter erëm geltend ze maachen op där Plaz, sech elo müssen dem Virwurf aussetzen, dass si et net fäerdeg bruecht hu fir bei hiren eegene Leit dofir ze suergen, dass d'Mëscherechter do respektéiert ginn.

Dat ass schrecklech an dat wäert och nohalteg Wirkungen hunn op d'Glawierdegkeet, mengen ech, vun deene Leit, déi dee Krich do ugezettelt hunn. Net nëmmen am Irak selwer, mä och iwwert d'Grenze vum Irak raus. Ech mengen de Schued, deen d'Glawierdegkeet vun der amerikanescher Politik kritt huet, wäert nach iwwer laang Joren nozevollzéie sinn. Dat gesot, si mer fir déi dote Motioun.

Mir stelle fest, dass ee Punkt, deen déi Gréng an hirer Motioun dran hunn, eigentlech ganz sympathesch ass, an dat ass dass déi Gréng domat averstane ware fir dee Punkt; fir nämlech eng onofhängeg Enquête ze maachen, an der leschter Versioun net méi dran ze hunn. Mir hätten et virgezu wa sech awer esou eng Enquête indépendante hätt kënnen an där Motioun hei erëmfannen. Et muss een also hoffen, dass déi Enquêtes, déi elo lafen, objektiv duerchgefouert ginn an dass déi néideg Sanktiounen och geholl ginn.

Ee Punkt, wou ech awer nach wollt vu menger Fraktioun aus drop insistéieren, ass awer och deen, dass mer net däerfe vergiessen, wat zu Guantanamo geschitt. Dat ass elo keen Diskussiounspunkt hei, mä dat ass eppes, wat mech zënter Méint zudéifst schockéiert - ech soen et ganz éierlech, déi Biller, déi ech hei gesinn hunn, hu mech zudéifst schockéiert -, dass e Land wéi Amerika kann deklaréieren, dass do e rechtsfräie Raum ass, dass do all international Regele vun de Prisonniers de guerre net méi spillen an dass do Saache kënnen gemaach ginn, déi net wäit vun deem ewech sinn, fäerten ech, wat Biller aus irakesche Prisonge gewisen hunn. Alles dat revoltéiert eis weider a wier et eigentlech och Wäert, fir nach eng Kéier hei vun offizieller Lëtzebuerger Säit aus veruerteelt ze ginn.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien.

■ **M. le Président.**- Den Här Urbany huet nach d'Wuert gefrot.

■ **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Ech mengen et hu verschiddener vu menge Virriedner, a besonnesch den Alex Bodry, elo just eendäiteg dat ausgedréckt, wat ech och hei wéilt soen, sou dass ech mech, mengen ech, dovun kann dispenséieren, dat nach eng Kéier hei ze widderhuelen.

Ech wéll just soen, wann de Krich erëm international als normaalt Mëttel vun der Politik agesat gött, wat jo déi Diskussioun war déi mer hei haten a wou mer hei a laange Sitzungen doriwwer diskutéiert hunn, wat d'UNO soll kënnen maachen, wat d'Rechter vun engem eenzelne Member vun der UNO sinn, fir esou anzegräifen. Et ass decidéiert ginn, eng grouss Muecht hätt déi Rechter, wa se se sech géif huelen. Firwat ze maachen? Fir Krich ze féiere wäit ewech vun de Landesgrenzen, wat guer näischt méi mat Landesverteidigung ze dinn huet. Wann een e Krich féiert, dann huet een och d'Konsequenze vum Krich. Dat sinn normal Konsequenze vun all Krich, sou wéi e gefouert gött a sou wéi och aner Groussmächten en op anere Plaze gefouert hunn - am Afghanistan an op anere Plazen, wou agegraff ginn ass -, an dat féiert zu deenen dote Resultater.

An ech mengen et ass wichteg, dass elo ebe just an der Öffentlechkeet dat breet diskutéiert gött an dass dat, wat mat de grousser Friddensdemonstratiounen ugefaange ginn ass, déi Opmierksamkeet vun der Öffentlechkeet weidergefouert gött, a wann elo mol eng Kéier d'Parlament hei eestëmmegeg dat do dann nach mat ënnerstëtzt, fannen ech, dass dat immens wichteg ass, fir esou Saachen an Zukunft ze verhënneren.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo nach eng Kéier d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

■ **Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Kuerz, fir nach eng Kéier feststellen, datt ech frou sinn, datt mer hei alleguerten enger Meenung sinn, datt mer dat hei mat ganz grousser Fermetéit müssen dénoncéieren. Ech deelen effektiv och d'Meenung, datt et net hei duergeet ënnen déi lescht an der Rei ze huelen, mä datt et hei och wahrscheinlech aner Responsabilitéite ginn an ech hoffen dann, datt déi Demokratie, déi Amerika behaupt ze sinn a wéilt sinn, et fäerdeg bréngt hir Responsabilitéiten op all deene Pläng wou se musse geholl ginn ze dénoncéieren.

Mä ech wéll et nach eng Kéier ënnersträichen, dass kee soll mengen, iergendee wier iwwer esou Méiglechkeete vu falschem Behuelen erhaben, an dat do ass eppes wou jiddfereen, dee Muecht ausübt oder dee Muecht kann ausüben, dofir muss suergen, datt bei sech an all den Arméien an iwwerall do,

wou Leit Muecht am Numm vum Gesetz ausüben, eben net déi Attitüd sech breet mécht vu Veruechtung vun deem deen ënnen ass, ob dat an engem Prisong ass am Irak oder soss, datt kee kann doduerch veruecht ginn. Dat sinn Attitüden, do muss jiddfereen iwwerall an all demokratescher Gesellschaft dofir suergen, datt dat net opkënnt, an dat ass eiser all hir Responsabilitéit.

Ech sinn awer och ganz mat där Meenung d'accord, wat den Här Bodry hei gesot huet, an d'Europäesch Unioun huet hir Meenung jo och do ganz kloer zum Ausdrock bruecht, wat zu Guantanamo geschitt. Dat entsprécht net deene Konventiounen, déi mir ënnerschriwwen a ratifizéiert hunn. An ech géing hoffen, datt dat hei, wat eng Schan ass, och wäert dozou bäidroen fir do och méi schnell eng nei Rechtslag ze schafen. Well mir sinn eis eens, och do müssen d'Mëscherechter verteidegt ginn a mir wäerten eis asetzen.

A mir, d'Ausseministeren, hunn d'ailleurs och gëschter - dat hu mer elo nach vläicht hei net kloer genuch gesot - an deem Kontext nach eng Kéier ganz kloer den Optrag un den Haut Représentant Javier Solana ginn, fir ze kucke wéi mer könnte verstärkt awierken, fir datt dat internationaalt Recht, zu deem mer stinn, iwwerall muss respektéiert ginn, iwwerall wou demokratesch Verhältnisser sollen herrschen. A wéi gesot, Amerika ass eng grouss Demokratie, a mir hoffen a mir wënschen, datt et sech och nees schnell voll a ganz zu deene Prinzipie bekennt an och esou handelt.

■ **M. le Président.**- Domadder wier d'Discussion générale iwwert déi Motioun do ofgeschloss. De Vote doriwwer geschitt muer am spéide Moien am Plenum.

Mir géingen da weiderfuere mat eiser Diskussioun vum Projet vun de Kollektivvertråg. D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

## 11. 5045 - Projet de loi concernant les relations collectives de travail, le règlement des conflits collectifs de travail ainsi que l'Office national de conciliation et modifiant

1. la loi modifiée du 7 juin 1937 ayant pour objet la réforme de la loi du 31 octobre 1919 portant règlement légal du louage de services des employés privés;

2. la loi modifiée du 9 décembre 1970 portant réduction et réglementation de la durée du travail des ouvriers occupés dans les secteurs public et privé de l'économie;

3. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

4. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

5. la loi modifiée du 23 juillet 1993 portant diverses mesures en faveur de l'emploi (suite)

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn interessant fir no fënnef Joer, elo zum Schluss vun deser Legislaturperiod, feststellen, dass ee Problem, mat deem ech praktesch vum éischten Dag u beschäftigt war, net nëmmen elo zu engem Ofschloss kënn, mä zu engem Ofschloss mat Satisfaktioun, well ech jo elo all de Riedner hei opmierksam nogelauschtert hunn a festgestallt hunn, dass e ganz largé Konsensus ass, bis op menger rietser a menger lénker ganz wäit ewech, wou d'Leit net wëlle matstëmmen, mä fir de Rescht sinn ech awer ganz zefridden driwwer.

Et ass och ganz witzeg, dass ee vun deene Punkten, déi während Joren als waarmt Eisen duergestallt goufen, a wou ech selwer nach am Ufank gesot kritt hunn: „Géi net drun, do verbrenns du Der d'Fangeren drun.“, dass deen elo haut zum Schluss kënn viru bal engem eidele Sall. Dat gesinn ech mol net nëmmen negativ, muss ech soen. Et ass zwar och ganz witzeg, dass se schonn all fort sinn, mä et beweist och...

■ **Une voix.**- Et ass wéinst de Wahlen.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Jo, jo, jo, et ass eben eng Saach vu Prioritéiten. Et waren hei hëtzeg Sitzungen, wou alles zum berste voll war, déi eigentlech d'Prioritéiten gesat hunn. Dat gött mir d'Gewëssheet, dass mer deen dote Sujet géleest hunn an dass de Sprengstoff eraus ass an dass dat, wat ech den 21. Februar 2000 an engem Artikel an enger fräier Tribün am Wort geschriwwen hat - „Heiße Eisen schmiedet man“ - hei richtig war fir dat ze maachen an dass mer elo zu eppes kommen, wat e ganz grouss Konsensus heibannen an och dobaussen, wäert Der gesinn, fënn.

Do wéll ech un éischter Linn dem Marcel Glesener an de Membere vu senger Kommissioun merci soen. A besonnesch dem Marcel Glesener, net nëmme wéinst dem schréfftlechen a mëndleche Rapport, mä och wéinst sengem Geschéck, fir hei ze kucken eppes Uerdentlechtes draus ze maachen an och mat eis ze diskutéieren sine ira et studio, an ze kucken e Gesetz ze maachen, wat mer elo och net an der Hetz maachen, wuel an enge vun de leschte Sitzungen, mä et ass net an der Hetz geschitt. Merci awer och dem Jean-Paul Ripinger an dem Lucien Lux, déi als mandatéiert Spriecher vun hire Fraktiounen och hei matgeholfen hunn zu engem...

■ **M. le Président.**- Den Här Niki Bettendorf.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.**- Wat hat ech gesot?

Et war den Här Bettendorf. Dat ass vläicht well ech den Här Bettendorf schonn am plaz vum Här Ripinger gesinn. Voilà.

**(Hilarité)**

Dem Niki Bettendorf selbstverständlech och.

Et war jo keen einfache Sujet. Ee Sujet, wou ëmmer erëm versicht ginn ass politesch Pressioun een op deen aneren auszedrécken, an ech menge mir hunn et wirklech an där Kommissioun gemeinsam fäerdeg bruecht, eben hei e ganz largé Konsensus ze fannen.

Merci och de Gewerkschaften. Ech hunn, wéi ech jonken Aarbechtsminister gi sinn, sämtlech Gewerkschaften, net nëmmen déi national representativ, mä sämtlech Gewerkschaften emfaangen. Ech hu se och ëmmer erëm emfaangen. Déi eng si méi zefridden, déi aner si manner zefridden. Mä och do huet deen Dialog matgeholfen, dass eng ganz Partie Saache par rapport zu

mengen éischte Virschléi geännert sinn an ech hu mer dat vun Ufank un ëmmer esou virgestallt.

Merci och un de Statsrot, deen hei net der Versuchung erleeën ass, fir elo op eemol hei dranzeschéissen an dranzefachen, mä deen effektiv eppes gesot huet, wat ech vun Ufank un zouginn hunn, nämlech dass eisen initiale Projet vläicht e bëssen ze vill klauseléiert war, ze vill wollt alles am Detail regléieren. Ech hu vun Ufank u gesot: „Ma lauschtert, jiddferee seet, et muss elo alles geléist ginn, de Riichter dierft net méi alles léisen, de Gesetzgeber muss et maachen. Dat hu mer gemaach. Wann dann awer herno e Konsensus kënn fir dat ze élargéieren, sinn ech deen Éischen, deen d'accord ass fir ze élargéieren.“

An et ass net esou, wéi den Här Jaerling virdu gesot huet, dass d'Kommissioun dem Statsrot säin Avis net zur Kenntnis geholl hätt. Au contraire, mir hu vun Ufank un ofgemaach - de President an de Minister -, dass mer dem Statsrot säin Avis als Basis geholl hunn. Et si verschidde Punkten, wou mer op den ursprüngleche Regierungstext zrëckkomm sinn oder wou mer Amendemente gemaach hunn, mä grosso modo si mer där Philosophie vum Statsrot nogefollegt fir net ze vill an de Gesetzestext ze schreiwen, woubäi sech natierlech jiddferee dorobber hi muss bewosst sinn, dass dach awer vläicht nach Flächen dra sinn, wou de Riichter herno eppes dozou ze soe fënn.

Dann hunn ech et schonn uklénge gelooss, dass dat heiten ee Projet ass, deen hat ech um Büro leie wéi ech Minister gouf am August 1999 - well do war de Bankekollektivvertrag vun der allengeger ALEBA ënnerzeechent an et war keng Décisioun geholl - an en huet mech da bis praktesch déi lescht Deeg vum Mandat beschäftigt. Wou Der dann och feststellt, dass, wann ee mat esou enger Aart a Weis un d'Saachen erugeet, sou wéi mir et wollte maachen, nämlech an engem äusserst laangen Dialog, wou mer natierlech och nach Gerichtsinstanzen dertëschent haten, mä engem permanenten Dialog, deen ininterrompu war - deen Dialog war net ëmmer frëndlech, dee war heiansdo haart -, mä mir hunn e permanenten Dialog gemaach. Dat bréngt mat sech, dass een herno e largé Konsensus kritt, mä et brauch fënnef Joer. Dat erkläert och, dass deen een oder deen anere Projet nach net hei an der Chamber konnt gestëmmt ginn, respektiv deen iwwert d'Reform vun der Deleguéiertegesetzgebung, deen ech nach net deponéiert hunn, obwuel e largement fäerdeg ass, mä dat kann dann an der nächster Legislaturperiod séier geschéien.

Et kann een et als Minister ëmmer op zwou Aart a Weise maachen: Kucke fir séier duerch d'Chamber ze kommen oder kucke fir e largen Dialog ausserhalb vun der Chamber ze féieren an an der Chamber. Ech maache léiwer dat doten, well ech léiwer Texter hunn, déi op e largé Konsensus kommen, mä da brauch ee méi Zäit; Dialog brauch einfach Zäit.

Ech hunn am Hierscht 1999 eng éischt Ronn mat de verschiddene Gewerkschaften gedréint, wéi gesot, och mat deenen net national representativen. Ech hunn enger Partie vun deenen och gesot gehat, dass wa se sech géifen zrëckfanne fir eng nei FEP ze grënnen ënner neie Virzeechen, dass sech dann déi Froe vun der Repräsentativitéit vun ALEBA an aneren net géife stellen. Dat ass awer deemools net geschitt. Deemools hunn déi Leit sech net zesummegeesat, déi hu sech 1999, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, net fonnt an d'ALEBA selwer huet gesot, nodeem ech och versicht hunn do ze vermëttelen: Majo, mir gi gäre viru Geriicht. An du sinn déi Gerichtsaffären engersäits virum Tribunal administratif komm, wou d'Cour



administrative am November 2001, mengen ech, gesprach huet, an de BIT huet am März 2001 gesprach.

Doropshin - virdrun, den 30. November 2000, hate mer hei eng Konsultatiounsdebatt -, wéi bis de BIT a sämtlech Gerichtsinstanzen gesprach haten, well d'Cour-arrête si ganz interessant, well se nämlech just dat vun der nationaler Representativitéit wesentlech aneschters gesi wéi den Tribunal administratif dat gesinn huet, hu mer am November 2001 en Avant-projet de loi ausgeschafft, deen och dunnerëm eng Kéier kontradiktorsch diskutéiert gouf, an am November 2002 hu mer de Projet de loi hei deponéiert, deen eben elo duerch sämtlech Instanzen aviséiert ass an dee mer kënne ofschléissen.

An déi éischt Iwwerleeung, dat ass dass ech frou sinn, dass mer dat waarmt Eise „geschmiedet“ hunn. Ech sinn och frou, dass ech et esou séier wéi méiglech ugepak hunn, well ech hunn awer nach misse feststellen, dass et bal fënnef Joer gedauert huet, bis dass mer „à bon port“ komm sinn.

Déi zweet fundamental Iwwerleeung ass déi, dass d'Représentativité syndicale - géint deem, wat ëmmer dobausse gesot gëtt - net den Hauptpunkt vun deem Projet de loi ass; dat ass een Element. Et ass e wichtegt Element, mä wat mech am meeschten an deem Projet de loi interesséiert, dat ass déi ganz Philosophie, déi hannendru stécht, dat wat ee kënnt Gouvernance économique nennen. Ech zitieren do wat de Philippe Poirier, Professer op der Uni Lëtzebuerg oder Chercheur op der Uni Lëtzebuerg geschriwwen huet an der Voix du Luxembourg am November 2003: «François Biltgen, Ministre du travail et auteur du projet de loi sur les conventions collectives sus-mentionnées, a pour ainsi dire anticipé cette réflexion...» - also d'Reflexioun iwwer d'Gouvernance économique - «...puisque son texte consacre le principe de gouvernance économique. En d'autres termes les législateurs et la tripartite, État-patronat-syndicat représentatif, n'interviendraient qu'en dernier ressort et lorsque les partenaires sociaux n'auront pas été capables de s'entendre par branche ou par entreprise et que cette nouvelle gouvernance économique, qui toute proportion gardée est à considérer comme une révolution sociale aussi importante que la reconnaissance légale de l'action syndicale au début du XXIème siècle, aurait mérité un débat.»

Dat ass effektiv ee vun deene wichtigste Punkten hei. Den Här Urbany hat et ee Moment opgegraff, mä ech gesinn et aneschters wéi den Här Urbany. Ech gesinn nämlech just an där Welt an där mir liewen, wou de Législateur net méi alles ka maachen a wou mer et och um europäesche Plang ëmmer méi schwierig hunn, Schwierigkeete fir déi europäesch Gesetzgebung fannen, do ass déi grouss Gefor, dass mer herno keng Gesetzer méi hunn, well d'Gesetzer ze schwéierfällg si fir alles ze regléieren, a wa mer keng Gesetzer méi hunn, dann hu mer just am Aarbechts- a Sozialrecht rechtsfräie Raum. Also muss mer op de Wee goen, fir de Législateur méi subsidiäresch ze gesinn, mä ënnendrenner de Sozialpartner méi Pouvoir gi fir déi Flexi-sécuritéit esou anzébréngen, datt se iwwerall spillt, awer iwwerall esou dass den ekonomesche Secteur, dee betraff ass, ka funktionéieren.

An an deem Sënn ass dat heite Gesetz extrem wichtig, well mer hei mol fir d'éischt d'Notioun vun Accords interprofessionnels aféieren; dat sinn national Kollektivverträge. An ech mengen, dat ass dat interessant hei, hei kënne d'Sozialpartner rechtsgeltend - ech nennen dat mol esou - national Kollektivverträge ofschléissen, déi se ebe mat der UEL ofschléissen, wou se amgaang sinn ze diskutéieren, wéi den Télétravail, wéi eventuell

Temps partiel, a wou een da wierklech weiderkënn a wou ee méi Flexibilität huet, awer trotzdem Rechtssécherheet. Well wa mer ufänke mat engem Gesetz alles ze regléieren, da gëtt dat guer net esou flexibel an dann hu mer dee Problem, dee mer ëmmer erëm haten, dass da gesot ginn ass: Dir dierft kee Gesetz maachen, dat mécht d'Wirtschaft futti. An dann hu mer Angscht an da maache mer keng Gesetzer, a wa mer keng Gesetzer maachen, da maache mer d'Sozialrecht futti. Dofir ass et wichtig, dass mer hei an deem Gesetz mol fir d'éischt deenen Accords interprofessionnels ee legale Kader ginn.

Zweetens gesi mer dann nach wie vor Kollektivverträge vir, déi Obligations générales kënne sinn, a mir gesinn de Mantelkollektivvertrag vir; och dat ass wichtig. Ech huelen elo zum Beispill d'Branchen vun de Banken, do stinn déi grouss Prinzipien am Mantelkollektivvertrag, mä all Bank huet zum Beispill an der konkreter Emsetzung vun der Aarbechtszäitorganisatioun aner Suergen, eng wéi déi aner, an da muss dat kënne ënne regléiert ginn. Awer net wéi dat an Däitschland regléiert gëtt, wou um ënneschten Niveau déi iewecht Prinzipien ausgehewelt ginn a se net méi bestinn. Hei gi mer vun uewen no ënnen. Natierlech kann den ënneschten Niveau net dat iewecht aushiewelen, mä mir ginn och do op méi Flexibilität an doduerch kréien och d'Sozialpartner an och d'Gewerkschaften erëm eng Kéier méi ze soen.

Wat mir méi Gesetzer maachen - dat ass eng aner Diskussioun -, wat d'Gewerkschaften och manner Daseinsberechtigung hunn. Ech si ganz frou, dass mer vill Gesetzer gemaach hunn - mir hunn der nämlech méi gemaach, wéi den Här Lux der hei opgezielt huet -, mä ech sinn awer och der Meenung, dass een net ëmmer nëmmen alles soll iwwer Gesetz regelen. Alldéngs, soen ech, d'Gesetzgebung muss een ëmmer als Damoklesschwert iwwert de Sozialpartner schwiewen hunn.

De Sozialdialog daerf keng Nullronn ginn. Dat heescht, et muss een de Sozialpartner en Optrag mat op de Wee gi fir ze soen, wat mer elo bei der Diskussioun „Maintien à l'emploi“ gemaach hunn: Dat doten ass elo de Katalog. Gitt lech eens, wat Dir wëllt maachen, an da kommt Der bei mech an da sot Der, ob Der eens gi sidd oder net. Mä et kann net sinn, dass dat während zéng Joer schleeft, an et kann och net sinn, dass se erauskommen a soen: Mir sinn eens, dass mer net eens sinn. Da muss natierlech de Gesetzgeber seng Verantwortung iwwerhuelen, ob dat Gesetz elo gutt ass oder net.

Dat hu mer an deser Legislaturperiode op d'mannst zweemol gemaach. Ganz am Ufank, ech denken, ech fänken elo wierklech un e bëssen nostalgesch ze ginn, mä ganz am Ufank, den éischten Dag wou ech am Ministère war, war meng éischt Amtshandlung eng Interpretatioun erauszeginn iwwert d'Sonndeszouschléi, wann de Feierdag op e Sonndeg fällt. An do sinn d'Sozialpartner net eens ginn an do hu mer dat am „PAN 2“-Gesetz geléist, well mer gesot hunn: Gutt, mir iwwerhuelen hei eis Verantwortung, mir loossen dat doten net schwiewen, do muss eng Kéier gesot gi wéi et ass an da maache mir et esou. Do war d'Patronat net mat eis zefridden, mä mir hunn et esou gemaach.

An dat anert, dat war d'Horescasgesetz. Do hunn ech och ganz am Ufank, wou ech Minister war, d'Partner zesummegeuerft an ech hu festgestallt, dass déi net wollt matenee schwätzen. Do hu mer dat Gesetz gemaach, wou mer versicht hunn esouvill wéi méiglech Flexibilität eranzekréien. Mä natierlech ass dat Gesetz fir déi zwee Partner net ëmmer einfach.

Ech hunn awer elo mat Satisfaktioun festgestallt, dass, mëttlerweil wou d'Gesetz do ass, d'Sozialpartner do an en Dialog kommen an dass och an deem Beräich e Sozialdialog ufänkt ze lafen an dat fannen ech...

■ **M. Aly Jaerling (ADR).** - E muss! Aneschters ass et net méiglech.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - An dat kann ech nëmme begreissen.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).** - Duerch déi Problemer, déi mat deem Gesetz geschaf gi sinn, komme se an den Dialog, Här Minister.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Ma ebe just.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).** - Dat ass jo awer keng positiv Saach.

■ **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Neen, neen. Här Jaerling, Dir bestätegt dat, wat ech elo gesot hunn. Wann een e Gesetz mécht, da kann een nëmmen allgemeng Regele maachen an et kann een net op de Besoin vun all eenzelne Betrib agoen, an dofir brauch ee Sozialdialog an dofir kann een net alles iwwer Gesetz regelen.

Hei hu mer ee Gesetz gemaach an ech hunn lech vun Ufank u gesot, dass d'Gesetz net kéint esou flexibel gi fir all eenzelnen - an dat hunn ech besonnech dem Patronat gesot -, wéi Kollektivverträge géife ginn. Si hunn awer léiwer e Gesetz gehat an elo leeft dee Sozialdialog och an dat ass eigentlech fir mech déi gréisste Satisfaktioun, dass déi mol endlech ufänke mateneen ze schwätzen a si hunn och schonn éischt Resultater do ze verzechen.

Déi drëtt grouss Iwwerleeung ass déi, dass d'Kollektivvertragswiesen net gläichstellen ass mat der Liberté syndicale. D'Liberté syndicale - Artikel 11 vun der Verfassung -, dat ass dat eent, d'Kollektivvertragswiesen ass dat anert. Well am Kollektivvertragswiesen, do geet et net drëm, op jidde Fall net an deem Kollektivvertragswiese wéi mir et hei kennen, fir ze soen: Wien ass fräi ze verhandelen? Wa mir e Kollektivvertragswiesen hätten, wéi verschidden auslännesch Staten dat hunn, wou eng Gewerkschaft nëmme fir hir Memberen négociéiert a wou dee Kollektivvertrag dann och nëmmen un hire Memberen applicabel ass, da wär dat eng aner Saach.

Bei eis ass et esou, wann dee Kollektivvertrag ënnerzeechent ass, dann ass e gültig fir de ganze Betrib, respektiv bei engem Branchekollektivvertrag ass e fir déi ganz Branche gültig, an dofir kënne mer net soen: Jiddfereen dierf hei ënnerschreiwen. Dofir muss mer op de Mächtigkeetsprinzip kommen a mir mussen op d'Onofhängegkeet par rapport zum Patron kommen. Et kann net sinn, dass do d'Leit dauernd mam Broutkuerf gedroht kréien.

Do ass ee vu senge fënnef Grënn, déi den Här Urbany uginnt huet, fir et net ze stëmmen, dass e gesot huet: Majo d'Delegéierte mussen automatesch an der Verhandlungsdelegatioun sëtzen an et muss herno e Referendum kommen. Do sinn d'Gewerkschaften massiv dergéint, well se, notament bei deem éischte Fall, soen: Majo wann do just d'Delegéierte sëtzen, déi hanken um Broutkuerf! Dofir hu mer hei eppes gemaach, wou d'Patronat net ganz frou ass, dass mer och do fir all déi Leit aus dem Betrib, déi mer mat eranhuelen, och déi, déi net Delegéierte sinn, e Schutz maachen, dass deene während

der Dauer vun den Négociatiounen näischt ka geschéien.

Währenddeem e Gewerkschaftssekretär, dee vu baussen an de Betrib erakënn, net um Broutkuerf vum Betrib hänkt. Dat heescht, deen huet do schonn eng aner Aart a Weis fir ze handelen. Wou ech awer soen, dass et net nëmme mussen ugestallte Gewerkschaftssekretäre vun de Gewerkschaften ginn, mä et ass extrem wichtig dass mer oppassen déi Indépendance économique och an der Realitéit esou ze hunn, dass net d'Leit just mam Broutkuerf gesot kréie wat se ze maachen hunn; dat gëtt et ganz vill an der Praxis an dat stelle mer ëmmer erëm fest.

Eng grouss Diskussioun iwwert dat heite Gesetz ass iwwert déi sou genannten national Representativitéit entbrannt. Ech soen lech nach eng Kéier, woufir och dës Regierung d'national Representativitéit an hirem Programm esou festgeschriwwen huet: Well et fir de Sozialdialog an de Sozialfridden zu Lëtzebuerg extrem wichtig ass, dass mer national representativ Gewerkschaften hunn. Wa mir géifen op dee Wee vun der Zersplitterung goen, dann hätte mer a verschiddene Secteure staark Gewerkschaften, a verschiddene Secteuren hätte mer Gewerkschaften, déi just do sinn esou laang et gutt geet, an déi, wann et da schlecht geet, just weinst dem Broutkuerf, an der Restrukturierung och net kënne géint de Patron streiden, a verschidde Gewerkschaften hätten iwwerhaapt näischt.

Mir hunn eng Aarbechtsstruktur um Aarbechtsmaart wou 40% Grenzgänger sinn, déi hunn - an dat hu mer bei der Participatioun vun de Sozialwahlen ënner anerem erëm eng Kéier ganz gutt gesinn - och aner Sozialkulture wéi déi, déi mir hei hunn. Wa mir dat einfach esou périlcitéiere loossen a soen: Mir wëlle keng national representativ Gewerkschaften; wa mer do soisdant méi Fräiheet loossen, soen ech lech, dass dann dee Sozialfridden, dee Sozialdialog, dee mer am Land hunn, riskéiert a Fro gestallt ze ginn.

Mir haten de Streik vun de Convoyeurs de fonds an deen ass nawell largement an d'Liewe geruff gi vu Leit, déi iwwerhaapt net syndikéiert waren. Mä doduerch dass mer awer national representativ Gewerkschaften haten, déi staark genuch ware fir och dat Heft an d'Hand ze huelen, hu mer dat, wat eng dramatesch Situatioun war a wou mer och mat engem illegale Streik konfrontéiert waren, awer geléist kritt. An dat ass dat, wat mech och nach haut dozou bréngt fir ze soen: Mir brauchen och an Zukunft national representativ Gewerkschaften.

Domadder wëll ech net soen, dass dat heite Gesetz - an ech hunn ëmmer gesot, dat hei Gesetz wär net dofir do - dofir do ass, fir Mandater ze verdeelen. Ech hunn ëmmer erëm festgestallt an hunn elo nach vill esou Artikelen nogekuckt an hunn d'Impressioun, dass den Hauptproblem, deen d'ALEBA mat deem Gesetz huet oder hätt, deen ass, dass se fäert net an e Wirtschafts- a Sozialrot sëtzen ze kommen, an deem se effektiv elo net sëtzt.

Ech wëll lech drun erënneren, dass mer do d'lescht Woch en neit Gesetz gestëmmt hunn an dass do guer net méi am Gesetz opgezeechent ass, wien do dra sëtzt, mä dass e Règlement dat soll maachen. A wann Der mech frot, da ginn ech dovunner aus, dass wa mer eng sektoriell representativ Gewerkschaft an engem wichtege Secteur hunn, dass ech mer absolut kënnt virstellen, dass se och an engem Wirtschaft- a Sozialrot géif sëtzen.

Mä dat heite Gesetz ass net do fir Mandater ze verdeelen. Dat heite Gesetz ass do fir e Kollektivvertrag ze regelen. An eng Gewerkschaft, déi staark am Bankesecteur ass, déi kann och nëmmen do Kollektiv-

verträge ënnerschreiwen, an dofir ass et och extrem wichtig, fir déi Arrêten vun der Cour administrative nozeliesen.

Den Tribunal administratif sot: Ah, mä et ass ganz einfach, d'ALEBA ass representativ bei de Bankbeamten an d'Bankbeamten, déi si representativ bei de Beamten - well et ginn der sou vill -, also ass se national representativ bei de Beamten.

D'Cour administrative huet dat ëmgedréint. Dir musst déi verschiddenen Arrêten do matenee vergläichen, souwuel déi vum Bankesecteur wéi déi vun de Clearstream-Arrêten - CEDEL, mengen ech, war et nach deemools -, mä do huet d'Cour ganz daitlech gesot: Majo si ass national representativ, awer nëmme fir de Bankesecteur an net fir déi aner, wou se net do ass. Sou dass se de Moment keng absolut national sektoriell Representativitéit huet, sou dass déi Diskussioun, d'ALEBA hätt eppes kritt wat mir wëilten ewech huelen, eng total falsch Diskussioun ass. Dat ass wierklech Byzantinismus.

Wat mir elo maachen, dat ass dat, wat mer iwwerregens schonn am Regierungsaccord stoen haten, dass mer d'sektoriell Representativitéit géifen aféieren, ouni déi national a Fro ze stellen an ouni e Morcellement ze maachen. Dat hu mer an deem Text gemaach an dofir konnte mer hei och ëmmer op deem Punkt eens ginn.

Wat mer dann och nach hei maachen, wat awer extrem wichtig ass, dat ass dass dem Minister seng Décisiounen besser agerummt gëtt. Virdu war et esou: De Minister konnt nëmmen im Nachhinein eng negativ Décisioun huelen. De Minister konnt ni positiv soen: Ech fannen déi representativ oder net. Mä, hie konnt nëmmen herno soen, an dann nach nëmme sur avis vun der ITM, dat heescht hie war der ITM eigentlech ënnegéuerdnet: Déi doten ass net representativ, also akzeptéieren ech de Kollektivvertrag net.

Elo hëlt de Minister am Virfeld, net beim Kollektivvertrag selwer, wou da Sträit ass, mä am Virfeld hëlt en eng Décisioun, an dat ass dat - an elo kommen ech zréck, Här Jaerling, op déi Pressekonferenz, déi en Affekot do gemaach huet mat enger Gewerkschaft hannendru sëtzen -, wat extrem wichtig ass a wou mer eis alleguer an der Kommissioun vun Ufank un eens waren, net nëmme mir am Ministère, mä awer all an der Kommissioun unanime waren, dass déi Décisioun vun deem Minister net arbiträr ka sinn; deen huet Kritären am Gesetz an hie muss déi erfüllen an hie muss kënne kontrolléiert ginn. An dofir ware mer eis eens, an dat steet och an der Kombinatioun vum Artikel 22 an Artikel 23. Dat schéngt dee Jurist, dee par ailleurs juristesche Mériten an deem Dossier huet, net gellies gehat ze hunn, well dee schreift ëmmer erëm an hien huet dat nach op der Pressekonferenz verlaude gelooss, et géif kee Recours géint de Minister ginn, et géif nëmmen en normale Recours en annulation iwwert d'Gesetz ginn. Mä et besteet e Recours en réformation, dat heescht de Riichter kann nokucken. Wann hei ee Minister géif versiche Favoritismus ze maachen, da kann de Riichter en ëmdréinen. Just dat wat verlaangt gëtt a wat an där Pressekonferenz gesot ginn ass, wat net dra wär, dat steet an deem Text, sou wéi mer en haut hei stëmmen. An dofir war virdru mäin Tëscheruff, dass ech nawell frou wär, wa jiddferee géif, souguer d'Affekoten, en Text bis zum Schluss liesen, ier dass se doriwwer schreiwen oder schwätzen.

■ **M. Aly Jaerling (ADR).** - Net alleguer.

**(Hilarité et interruptions)**

Här Minister, Dir hutt jo virdru gesot, et géif mat deem Gesetz kee Morcellement agefouert ginn. A genau dat ass et awer - an dat ass



eng vu menge perséinlechen Ursaachen, wou ech net mat deem Gesetz d'accord sinn -, dass den Artikel 7 genau dee Morcellement aféiert an et erméiglecht, Hausgewerkschaften hei op Hand vun dem Gesetz ze kreéieren, déi Kollektivvertrag kënnen ofschléissen.

Da liest emol deem Text genau. Wat do verbrach ginn ass a wou ech schonn an der Kommissioun drop higewisen hunn, dass dat doten zu Konfusioun feiert. A genau dat geschitt am Artikel 7. Hei kommen déi Konfusioun vir an ech kann lech elo soen, dass, soubal wéi dat Gesetz hei a Kraaft ass, mir mindestens a fénnef Betriber bei den Aarbechter e Kollektivvertrag ofschléissen an nach zwee bei de Beamten, wou mer d'absolut Majoritéit hunn. Also wann dat kee Morcellement ass, da froen ech mech wat e Morcellement ass. Et ass zu eiseim Virdeel, kënn ech elo soen, et kënn mer egal sinn, mä et ass awer dann op jidde Fall net an der Philosophie vun deem Gesetz wéi Dir et hei virstellt.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.-** Dofir sidd Der géint, Dir sidd jo géint lech selwer!

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Neen, neen.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.-** Also, ech gesinn dat anescht. Ech wëll nach enger Kéier op d'Représentativité sectorielle zrëckkommen.

**M. le Président.-** Här Minister.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.-** Also, ech hätt grad esou gär gelieft ouni Représentativité sectorielle, ech hätt dat grad esou gär gehat. Et hätt sech och en neie Block fonnt, mä mir hu bei de Wahle gesinn, dass ee keen neie Block fonnt huet, dat ass versicht ginn, mä dat ass net geschitt. D'Resultater sinn do kloer a fir mech ass dat och ze spéit komm, de Projet de loi war ëmmer esou gemëzt - en ass nach haut esou gemëzt -, dass der do méi wéi zwee kënnen kommen - wa mer 20% huelen, da kann een dovun ausgoen, dass fir véier Plaz wär -, mä dat ass net geschitt an et ass net un de 15% wou et géif scheitern, an ech mengen, och wa mer déi op fénnef erfogesat hätten, wär dat nawell net gaangen.

Dann de véierte Punkt, dee wichtig ass, dat ass d'Eenheitsfront an de Mehrheitsprinzip. An de fénnefte Punkt, deem extrem wichtig ass, dat ass dee vum soziale Friden, dass mer hei zwou Säite kucken. Engersäits hate mer bis elo de Problem, dass et eng ganz Partie vu Kollektivlitigë gouf, wou Sträit am Betrib war, géint wat och ëmmer, an et do keen Uspriechpartner gouf a wou d'Gewerkschaft bei kee konnte goen. Den Nodeel war dann, dass der dann natierlech och konnte wëll streike kommen, well mer eben dat Streikrecht och net esou geregelt hunn, wéi et misst sinn.

An do huet sech, och an der Diskussioun, d'Fro gestallt: Kann een d'Gewerkschaften zwéngen, fir virun engem Streik op eng Conciliatioun ze goen? Do gëtt et e ganze Sammelsurium vu Recommandatioun vum BIT an do ass eng déi seet: «L'on ne saurait considérer comme attentatoire à la liberté syndicale une législation prévoyant le recours aux procédures de conciliation et d'arbitrage volontaire, dont les conflits collectifs en tant que conditions préalables à une déclaration de grève, pour autant que le recours à l'arbitrage ne présente pas un caractère obligatoire...» - dat ass den Arbitrage, net d'Conciliation - «...et n'empêche pas en pratique le recours à la grève.»

Ech mengen, dat ass de spréngen-de Punkt - dat hu mer och hei ge-

maach - an domadder hu mer Folgendes gemaach, an zwar gëtt et fir all Sträit en Uspriechpartner - doriwwer ass d'Patronat net ganz frou -, mä et muss een eng Plaz hunn, wou een doriwwer schwätzt. Dat wëllt net soen, dass een do muss eens ginn, dofir hu mer jo eng Procédure abrégée gemaach. Mä fir d'Gewerkschaften bedeit dat, dass se och net kënnen streiken, ier dass déi Prozedur duerchlaaf ass, an dat erëm ass wichteg fir de soziale Friden an deem Land, fir dass mer net iergendwellech luguber, soen ech emol, Koordinatiounen kréie wéi am Ausland, déi „Grèves sur le tas“ maachen.

Mir hu jo an deem Land regelméisseg Streiker gehat, mä et gëtt awer eng gewësse Streikkultur an deem Land, sou dass e Streik net eppes ass, wat hei einfach esou vum Zonk gebrach gëtt. Et gëtt schonn opgepasst mat de Streiken an deem Land an ech menge just dat géif ech och gär fir d'Zukunft bäibehalen, an dofir ware mer eis och eens ginn - am Endeffekt si mer eis och mat de Gewerkschaften eens ginn, nodeem se am Ufank natierlech och e bësse retizent waren -, dass dat heiten eng gutt Saach wär.

Dofir, ier ech d'Konklusiounen vun deem Gesetz zéien, well et jo awer elo vill Neies ass, wëll ech mol fir d'éischt soen: Et si fir mech zwou Revolutiounen dran. Ech hat mol eng Kéier gesot, et wär et revolutionäert Gesetz, et ass iwwerhaupt näischt Revolutionäres dran; dach, et sinn zwou Revolutiounen dran.

Dat eent ass dat, wat ech virdrun erkläert hunn, nämlech dass mer den ONC op sämtlech Litiges collectifs auswäiten an doduerch och elo wierklech d'Streikrecht am Privatsektor, géif ech mengen, uerdentlech geregelt hunn. An déi zweet Revolutioun, dat sinn déi Accords interprofessionnels, wou d'Sozialpartner kënnen flächendeckend Saache maachen, déi eigentlech soss d'Gesetz misst maachen a wou mer doduerch eng nei Qualitéit vun nationalem Sozialdialog tëschent de Partner, net nëmme mam Stat dobäi, kënnen kréien.

Da sinn hei eelef Punkten an deem Gesetz, déi wichtig sinn.

Dat éischt ass, dass mer eben net op de Wee vun enger Zersplitterung ginn.

Deen zweeten ass, dass mer e weidere Schrétt maache fir eng Unificatioun vum Statut de salarié de droit privé - Aarbechter a Privatbeamten. Dat war iwwregens och hei eng Diskussioun an de Marcel Glesener, mengen ech, hat als Idi-di, wéi mer an där Orientéierungsdebat waren, fir ze soen: Majo, da maacht d'national Representativitéit fir déi zwee.

#### (Interruption)

Bon, et ass eng Gewerkschaft, déi dat och scho virdrun eng Kéier gesot huet, dat ass richtig.

Drëttens, dass mer déi Prozedur vun der Reconnaissance awer elo mol propper regelen an dass do - a well et wichtig ass, soen ech et nach eng Kéier - de Minister net arbiträr ass, mä dass en ënnert dem Contrôle vum Riichter steet.

De véierte Punkt, dat ass d'Gewerkschaftsfront, déi mer hei aféieren, wat och wichtig ass weinst dem Sozialdialog.

Fënneftens, de Mehrheitsprinzip, fir dass, wann et Sträit gëtt, een awer muss kënnen beweisen, dass en do d'Majoritéit hanneru sech huet.

Sechstens, wat de Contenu ubelaangt, dat ass dass mer hei eppes Neies maachen - an dat ass konform zu deem Plang, wéi ech en eng Kéier hei virgestallt hunn -, nämlech de Mobbing dran anzeféieren, also de Sozialpartner mat op de Wee ginn, iwwer Mobbing ze diskutéieren. Et gëtt net obligatoresch an do kommen ech zu deem Punkt, Här Huss, deem Dir virbruecht hutt, vun der Chancëgläichheet. Dat steet elo schonn

dran an ech soe wat den Ennerscheid ass vun deem Text, deem Dir bréngt, par rapport zu deem, deem drasteet. Dir hutt iwwregens eng falsch Referenz do gemaach. Dir hutt Referenz op den Artikel 25 gemaach an et ass den Artikel 20. Da musst Der dat nach änneren, wann Der dat wëllt zur Ofstëmmung bréngen.

Also, nom Artikel 20, Paragraph 4, Punkt 4, iwwert dat wou d'Kollektivvertragspartner obligatoresch mussen diskutéieren, steet:

«4. La mise en oeuvre du principe de l'égalité de traitement entre hommes et femmes dans les établissements et/ou entreprises auxquels la convention collective est applicable.

Dans ce contexte les négociations porteront notamment sur l'établissement d'un plan d'égalité en matière d'emploi et de rémunération et sur les moyens de rendre l'entreprise et la formation continue et offert accessible aux personnes désirant réintégrer le marché de l'emploi après une interruption de carrière.»; dat heescht, mir hunn dat schonn.

Wat Dir elo wëllt abréngen, dat ass dass Dir wëllt soen, dass all Betrib iwwert dee Kollektivvertrag och muss obligatoresch e Plan d'actions positives hunn. An ech mengen, an do sinn och Gewerkschaften ganz retizent, dass sech dat enger Illusioun higinn ass, well da kënn herno e Plang do stoen, deem och näischt seet.

Also ech mengen net, dass déi dote Fuerderung géif d'Qualitéit vun där doter Diskussioun no vir dreien. Ech gi gären zou, dass mer bis elo rosewëneg Resultater iwwert de Paragraph 4, Punkt 4 gesinn hunn, mä ech mengen net dass dat doten dat géif léisen, an dofir sinn ech och net fir d'Unhuele vun deem doten Amendement.

Dann, de siwente Punkt, wat d'Aarbechtsrecht ubelaangt, dat ass och e wichtige Punkt. Mir hunn eng nei Definitioun vun de Cadres supérieurs gemaach, an déi Definitioun vun de Cadres supérieurs, déi mer hei gemaach hunn, déi spillt och am Privatbeamtesgesetz. Dir wësst, dass wann ee Cadre supérieur ass, da fällt een net an eng Iwwerstonneregulung, da kann ee méi schaffen. Elo kënn et ganz oft vir, dass Leit gesot kréien: Ma du bass elo Direktor vun dengem Département an dat Departement besteet aus engem Raum an enger Blischt - ech schematiséieren - an d'Gehalt besteet aus dem Mindestloun, mä dofir dæerfs du elo Iwwerstonne maachen, déi s du net bezuelt kriss. Där Fäll hu mer dauernd an dofir hu mer hei versicht fir dat besser ze definéieren a fir och ze kucken, wat d'Kollektivvertrag ubelaangen, dass manner Persounen aus de Kollektivvertragsverhandlungen ausgeschloss ginn. Mir hu Kollektivvertrag gesinn, wou méi Leit vum Betrib net drénner gefall si wéi der drénner gefall sinn.

Och dat ass eng wichtig aarbechtsrechtlech Neierung, wou mer d'Aarbechtsrecht hei verstärken a méi Leit schützen, wéi dat bis ewell de Fall war. Mir ware just der Meinung, dass dat, wat de Statsrot vun Definitioun virgeschloen huet, mat sech bruecht hätt, dass awer do a verschiddene Secteuren d'Betriber ze vill cadennasséiert gi wären an dass ee bei verschiddene Betriber iwwerhaupt net méi hätt kënnen vu Cadre supérieur schwätzen.

E Cadre supérieur muss een ëmmer par rapport zum Gehalt kucken; et si jo zwou Konditiounen. Déi eng ass déi: Wat huet e wierklech ze soen? A wat ass seng Aufgab? An dat anert: Wat ass säi Gehalt? An ech mengen net, dass ee kann dohinner goen an en absolut

Gehalt am Land festleeën, wou ee seet: Vun deem Moment un ass ee Cadre supérieur. Dat muss een einfach am Betrib kucken; an et ginn ebe Secteure, wou méi verdéngt gëtt wéi an aneren.

Den aachte Punkt, dat ass dass de Salarié sur sa propre demande e Kollektivvertrag ausgehändegt kritt. Bis elo war dat net de Fall. Dat heescht, de Patron muss em hei sur demande, iwwert wat fir eng Form och ëmmer, e Kollektivvertrag aushändegen.

Den néngte Punkt, dat ass dass mer an dem ONC eng Mise-en-état-Prozedur aféieren. Heiansdo komme Leit wierklech de façon in-tempestative bei den Office national de Conciliation an hei soe mer: Ma du kanns den Dossier zrëckgeschéckt kréien, andeems du e mol complétéiers an eis seess wat ass. Hutt Dir iwwerhaupt ënnert lech verhandelt? Et kann net sinn, dass den Office national de Conciliation eng „Panacée universelle“ gëtt. Fir d'éischt muss am Betrib tëschent Sozialpartner dialogéiert ginn an et muss ee se och zwéngen ze dialogéieren a si kënnen net, weder d'Gewerkschaft nach de Patron, direkt bei de Conciliateur goen. Fir d'éischt muss se emol d'Käpp um Dësch aschloen, ier se dat maachen.

Den zéngte Punkt - an deem ass hei ugeschnidde ginn - ass den Observatoire des relations professionnelles, wou mer kënnen vill méi Studie maachen. Mir maachen einfach net genuch Etüden iwwer Aarbechts- a Sozialrecht hei zu Lëtzebuerg. Ech hoffen, dass een och do mat der Uni Lëtzebuerg méi kann zesummeschaffen.

Dann eeleftens - an dat ass deem Artikel, deem hei scho kritiséiert gouf -, den Artikel iwwert d'Flexibilité saisonnière a verschiddene Betriber, wou awer d'Sozialpartner mussen d'accord sinn a wou dann nach den Aarbechtsminister muss säin Accord iwwert esou e Kollektivvertrag ginn, fir net d'Sécurité-Santé a Fro ze stellen. Dat ass och eng Dispositioun, déi mer mat de Sozialpartner ausgehandelt haten an déi, menger Usicht no, keng grouss Impakter kritt. Et si fénnef Konditiounen dran, déi do kumulativ mussen erfüllt sinn, sou datt ech net mengen, dass déi dote Konditiounen eis Aarbechtszäitmodeller géifen total aushielechen.

An dann den zwieleften a wichtigsten Punkt - ech hätt en och kënnen am Ufank stellen, ech hunn en awer elo zum Schluss geholl - ass deem, dass mer hei an deem Gesetz de Prinzip vun der Entité économique et sociale aféieren. Nämlech deem, dass mer soen: Du kanns net op eemol soen - an dat hate mer; wann Der déi ALEBA-Affären nokucke gitt, da gesitt Der, dass dat deemools de Fall war - nämlech bei Clearstream, déi behaupt hunn: Ma mir hunn dräi verschidde Betriber, mir maachen dräi verschidde Kollektivverträge, well et ass all Kéiers eppes anescht. Mir hu schonn eng Partie Jurisprudenz iwwert d'Entité économique et sociale gehat, déi seet: Du kanns Filialë maachen, mä déi Filialë sinn net do fir d'Aarbechtsrecht a besonnesch d'Representatioun vun denge Mataarbechter ze ënnerhielegen.

An dofir schreiwe mir dee Prinzip, dee mer schonn am Horescasgesetz stoen hunn - do hu mir en déi éischte Kéier gehat, genee deeselewachten Text -, och hei an d'Kollektivvertragsgesetz an, sou dass - an dofir hunn ech déi 12 Punkten och nach eng Kéier geholl - dat heiten net e Gesetz ass, wat elo nëmmen, oder an éischter Linn, elo géif national a sektoriell Representativitéit regelen, mä hei ass ganz villes iwwert eist Aarbechtsrecht dran, an et beweist dass mir an deser Legislaturperiod zu Lëtzebuerg, aneschtens wéi am Ausland, net d'Aarbechtsrecht demanteliéiert hunn, mä dass mir d'Aarbechtsrecht verstärkt hunn.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Domadder wär dee Punkt ofgeschloss. D'Lecture vun den Artikelen an de Vote iwwert de Projet de loi geschitt am spéide Muere vun der Sitzung vu muer.

Mir haten elo nach ee Punkt um Ordre du jour, dat ass déi Motioun vum Här Jaerling. Kënnen mir déi elo nach diskutéieren?

#### (Hilarité et interruptions)

Ofstëmme kënnen mer se op kee Fall méi, mä mir kënnen se awer vläicht diskutéieren.

#### (Interruptions)

**Une voix.-** Dann diskutéiere mer se elo an da stëmme mer se muer mat deenen aneren of.

#### (Brouhaha général)

**M. le Président.-** Jo, an den Här Minister hëlt da Stellung dozou.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).-** Wéi laang huet den Här Jaerling dann d'Wuert?

**M. le Président.-** Den Här Jaerling huet schonn d'Wuert.

**Une voix.-** Oh, eng hallef Stonn.

#### (Interruptions diverses)

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).-** Här Jaerling, Dir kënn jo och mol seriö sinn. Kënn Der eis dann emol soen, fir wéi laang dass Der hutt.

**Une voix.-** Elo waart Der awer net léif mat him.

### 12. Motion de M. Aly Jaerling relative à la politique d'embauche du groupe Arcelor

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Also, Här President, esou wéi d'Reglement vun der Chamber et virgesäit, hunn ech just fénnef Minutten.

**M. le Président.-** Jo.

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Also war déi Fro, wéi vill Zäit dass ech kann hunn, am Fong iwwerflësseg.

**Une voix.-** Dir kënn Der jo och nach manner hu wéi fénnef Minutten.

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Ech kéint.

**Une autre voix.-** Déi Lénk ginn lech hir fénnef Minutten dobäi.

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Oh, do verzichten ech awer gären drop.

**Une voix.-** Dir waart awer vir-drü méi fein!

**M. Aly Jaerling (ADR).-** Här President, Enn dëst Joer, Uganks nächst Joer geet op ARBED-Belval eng nei Mëtteleisestrooss a Betrib, déi 220 nei Aarbechtsplaze schafft, wat fir déi aktuell Situatioun an eiseam Aarbechtsmaart, a besonnesch fir d'Belegschaft vun Arcelor, eng wichtig Investitioun ass - ech mengen dat ass net of-zestreden. Och wa mir hoffen, dass d'Gewerkschaften et fäerdeg bréngen, e Maximum un Aarbechtsplazen ze retten - a mir wënschen hinnen dofir bei de Verhandlungen eng konsequent a glécklech Hand an hoffen, dass hinnen dat haut gegléckt ass -, sinn déi nei Aarbechtsplazen awer fir eisen Aarbechtsmaart vu grousser Bedeutung, well gläichzäiteg mam Ufank vun der Produktioun vun der neier Mëtteleisestruktur op ARBED-Belval zu Lonkech d'Produktioun vu Mëtteleiseprodukten agestallt gëtt an dann 331 Leit ofgebaut ginn. No dem franséische Gesetz iwwert d'Modernisation sociale vum 17. am Haartmount 2002 gëtt